B1

Schwätzt Dir Lëtzebuergesch?

# Léisungen

## Kapitel 3

# Léisungen **Kapitel 3**

## *Preventioun a Gesondheet* Säit 48+49


*1. Liest déi heite Recommandatiounen. Wat fir eng Recommandatioun passt bei wat fir eng Campagne? Schreift d'Zuel vum Plakat dobäi.*

- [6] Dot hellt Gezei un a Material, dat reflektéiert.
- [5] Fuert verantwortungsvoll a passt op der Strooss op.
- [2] Fëmmt net am Auto, wa Kanner matfueren.
- [1] Wäscht Är Hänn reegelméisseg op d'mannst 20 Sekonne mat Seef.
- [3] Verkaaft oder gitt kengem Jugendlechen ënner 16 Joer Alkohol.
- [7] Maacht en Éischt-Hëllef-Cours, fir kënne Liewen ze retten.
- [4] Passt op, datt Är Kanner sech genuch beweegen.
- [8] Gitt Organspender a rett Liewen. Fëllt en Organspenderpass aus.

## *Kleng Accidenter* Säit 50-55

*1. Liest den Text a completéiert d'Statistik.*


- 15 % an der Schoul
- 31 % an der Fräizäit
- 31 % doheem
- 13 % op der Aarbecht
- 10 % op der Strooss



*3. Wat fir Gefore gesitt Dir op de Biller? Wat kann ee maachen, fir déi Geforen ze vermeiden? Liest d'Beispillsätz a formuléiert Recommandatioune fir déi aner Geforesituatiounen.*




Beispill:
Wann ee kleng Kanner huet, da soll een d'Botzmëttelen ewechspären oder op eng Plaz stellen, wou d'Kanner net drukommen. Et soll een d'Botzmëttelen ni an normal Gedrénksfläschen ëmfëllen!



*Zum Beispill:*

**Wann ee kacht, da soll een ëmmer bei der Kachplack bleiwen. Et soll een op kee Fall Waasser op gliddegen Ueleg schëdden.**



**Wann e Kabel futti ass, da soll een en net upaken an en direkt ersetzen.**



**Et soll een ni Käerze brenne loossen, wann ee schlofe geet.**



**Wann een eppes méi héich uewe schaffe muss, da soll een eng Leeder oder eng Träppchen huelen. Et soll een net e puer Saachen openeestellen an do drop klammen.**



**Et soll een oppassen, wann ee mat engem schaarfe Messer schafft. Et soll een e Brietche benotzen, fir drop ze schneiden.**

## *5. Kuckt d'Skizze vun den Accidenter. Schreift d'Expressioune bei déi passend Zeen.*



**am Gaart schaffen, en Harespels-**
**nascht geroden, gepickt ginn**

**ofgelenkt ginn, net mat**
**Zäit bremsen, arennen**





**ofbéien, d'Virfaart huelen,**
**ugestouss ginn, e puer Minutte**
**laang vu sech sinn**

**op den Handy kucken, mam**
**Kapp an d'Dier rennen, den**
**Tommel hunn, d'Stäre gesinn**





**engem Kolleeg hëllefen, eppes**
**unhalen, op de Fanger geschloe**
**kréien, schwaachfalen / an**
**d'Gette goen**

e puer Minutte laang vu sech sinn
am Gaart schaffen
arennen
den Tommel hunn
d'Stäre gesinn
d'Virfaart huelen
engem Kolleeg hëllefen
eppes unhalen
gepickt ginn
mam Kapp an d'Dier rennen
net mat Zäit bremsen
ofbéien
ofgelenkt ginn
op de Fanger geschloe kréien
op den Handy kucken
en Harespelsnascht geroden
schwaachfalen /
an d'Gette goen
ugestouss ginn

## *6. Completéiert d'Texter mat den Expressiounen.*

1. Gëschter huet de Pol ......am Gaart geschafft...... Ongléckelcherweis ass hien an ......en Harespelsnascht geroden...... an hien ass esou vill ......gepickt ginn......, datt hien huet missen an d'Spidol goen.

2. D'Lisa ass de Moie mam Auto an d'Stad gefuer. Hatt ass vun engem Hond op der Strooss ......ofgelenkt ginn...... a konnt ......net mat Zäit bremsen...... E Potto stoung am Wee an hatt ass ......agerannt.......


3. Wéi de Jacques de Moien a seng Strooss ......ofbéie...... wollt, huet hien de Vëlosfuerer op der Vëlospist iwwersinn an him ......d'Virfaart geholl....... Dobäi ass de Vëlosfuerer......ugestouss ginn......, hien ass op de Buedem gefall a war, obwuel hien e Casque unhat, ......e puer Minutte laang vu sech.......

4. D'Julie huet e wichtege Message um Handy kritt. Hatt huet natierlech ......op den Handy gekuckt...... an ass dobäi ......mam Kapp an d'Dier gerannt....... Hatt huet richteg ......d'Stäre gesinn...... an hat e puer Sekonne laang ......den Tommel.......

5. De Jos huet ......engem Kolleeg gehollef......, e Bild opzehänken. Hien huet d'Bild ......ugehalen...... an de Kolleeg huet him mam Hummer ......op de Fanger geschloen...... De Fanger huet geblutt an et huet immens wéi gedoen.
Si sinn allen zwee ......schwaachgefall.......

## *8. Lauschtert den Dialog. Wat fir Informatioune brauch de Mann vum 112? Notéiert véier Stéchwierder.* 63

**Adress**
**Informatiounen/Detailer zum Accident (Wat ass geschitt?)**
**Zoustand (Ass d'Persoun bei Bewosstsinn?)**
**Numm**



## *9. Liest a lauschtert den Dialog nach eng Kéier. Completéiert den Text elo a vergläicht mat Äre Stéchwierder aus der Übung 8.* 64

- Gudde Moien, hei ass den 112.
- *Moien! Dir musst ganz séier kommen, wgl.! Meng Mamm läit hei um Buedem, Dir musst séier kommen.*
- Bleift elo mol ganz roueg, Madamm. Ech brauch fir d'éischt e puer Informatiounen. **Wou sidd Dir**? **Wéi ass d'Adress**?
- *Ech si bei menger Mamm doheem. Si wunnt zu Brouch bei Miersch an der Haaptstrooss op Nummer 11.*
- **Wësst Dir, wat geschitt ass**?
- *Majo, ech weess et net genee, mee hei leie Schierbelen um Buedem an en alen, futtissen Hocker.*
- **Ass Är Mamm bei Bewosstsinn**? Schwätzt si mat Iech?
- *Nee, si ass vu sech. O mei, ech si sou opgereegt, ech weess guer net, wat ech maache soll.*
- Berouegt Iech, Madamm. Ech schécken Iech direkt e SAMU an eng Ambulanz. Si sinn an ongeféier 15 Minutten do. **Kënnt Dir mir nach Ären Numm soen**, wgl.?
- *Mäin Numm ass Catherine Gloden.*
- Gutt Madamm Gloden, ech bleiwen nach e bësse mat Iech um Telefon. Dir kënnt …

## *13. Liest den Zeitungsartikel an äntwert op d'Froen.*

Wat ass geschitt?
**En Aarbechter ass vun enger Stee gefall.**
Wien ass verletzt ginn?
**E Mann vun 32 Joer.**
Wéini ass et geschitt?
**Gëschter am Nomëtteg.**
Wou ass et geschitt?
**Op engem Schantjen an der Wisestrooss zu Esch-Uelzecht.**

## *14. Lauschtert d'Zeienausso. Et ginn e puer Ënnerscheeder tëschent dem Zeitungsartikel an der Zeienausso. Notéiert se a vergläicht mat Ärem Noper.* 65

An der Zeitung steet, **datt d'Aarbechter eng Dunn montéiert hunn**, mee den Zeie seet, **datt si d'Dunn ugestrach hunn**.

An der Zeitung steet, **datt den Aarbechter d'Gläichgewiicht verluer huet**, mee den Zeie seet, **datt hien iwwert de Faarfeemer gefall ass**.

An der Zeitung steet, **datt hie méi wéi zwee Meter an d'Déift gefall ass**, mee den Zeie seet, **datt hien nëmme knapp zwee Meter erofgefall ass**.

An der Zeitung steet, da**tt hien e puer Schrummen hat a säi Bee gebrach war**.
Den Zeie seet, **datt hien e puer Schrummen am Gesiicht an eng grouss Wonn un der Schëller hat an datt säi Bee wéigedoen huet**.

*15. Lauschtert a liest den Dialog. Ënnersträicht déi indirekt Froen.*
*Notéiert dem Polizist seng direkt Froen.* 66

- Wat war dat eppes! De Pierre ass jo haut vun der Stee gefall, ee Gléck war et net ze vill schlëmm! Mee duerno ass d'Police komm an ech hu missen op all hir Froen äntweren.
- *Wat hu se dech dann alles gefrot?*
- Ma si wollte wëssen, wat mir grad gemaach hunn, wéi et geschitt ass. Si hunn och gefrot, ob hien d'Gläichgewiicht verluer huet oder iwwert eppes gefall ass.
- *Konnts du hinnen dat da soen?*
- Majo sécher, ech hunn et jo gesinn. An dunn hu si och nach gefrot, firwat de Pierre kee Casque unhat. Op enger Stee vun zwee Meter brauch een dach keen Helm!
- *Dat sees du! Et ass jo awer geféierlech, dat hues de jo haut gesinn.*
- Jo, jo. An da wollte si och nach wëssen, ob hie vu sech war, wéi hien um Buedem louch. An ob hien Alkohol gedronk hat! Also wierklech!
- *Jo, drénkt dir dann net heiansdo e Béier iwwert dem Schaffen?*
- Natierlech net! A wien d'Ambulanz geruff huet, dat wollte se och nach wëssen. An dunn hu se mech nach gefrot, wéi laang ech schonn do schaffen. Ech froe mech, wat dat mam Accident ze dinn huet!

*Indirekt Fro:* Si wollte wëssen, wat mir grad gemaach hunn, wéi et geschitt ass.
*Direkt Fro:* „Wat hutt Dir grad gemaach, wéi et geschitt ass?"

*Indirekt Fro:* Si hunn och gefrot, ob hien d'Gläichgewiicht verluer huet oder iwwert eppes gefall ass.
*Direkt Fro:* „Huet hien d'Gläichgewiicht verluer oder ass hien iwwert eppes gefall?"

*Indirekt Fro:* An dunn hu si och nach gefrot, firwat de Pierre kee Casque unhat.
*Direkt Fro:* „Firwat hat de Pierre kee Casque un?"

*Indirekt Fro:* An da wollte si och nach wëssen, ob hie vu sech war, wéi hien um Buedem louch.
*Direkt Fro:* „War hie vu sech, wéi hien um Buedem louch?"

*Indirekt Fro:* An (da wollte si och nach wëssen) ob hien Alkohol gedronk hat!
*Direkz Fro:* „Hat hien Alkohol gedronk?"

*Indirekt Fro:* A wien d'Ambulanz geruff huet, dat wollte se och nach wëssen.
*Direkt Fro:* „Wien huet d'Ambulanz geruff?"

*Indirekt Fro:* An dunn hu se mech nach gefrot, wéi laang ech schonn do schaffen.
*Direkt Fro:* „Wéi laang schafft Dir schonn hei?"

# *Beruff a Gesondheet* Säit 56+57

*1. Lauschtert an äntwert op d'Froen. Vergläicht duerno mat Ärem Noper.* *67*

1. Wou a wéi laang huet d'Madamm Schmit geschafft, ier se an d'Spidol koum?
   **Si huet fënnef Joer an engem Altersheem geschafft.**
2. Wat gefält hir besser am Spidol?
   **Am Spidol ass d'Aarbecht méi ofwiesslungsräich.**
3. Wat ass manner gutt?
   **Hiren Dag ass elo vill méi stresseg.**
4. Firwat huet si d'Fréischicht am léifsten?
   **Wa si Fréischicht schafft, dann huet si mëttes fräi a kann eppes mat der Famill maachen.**
5. Wat versteet een ënnert „Vitalwäerter"?
   **De Bluttdrock an de Bols.**
6. Bei wat hëlleft d'Madamm Schmit de Leit? Nennt fënnef Saachen.
   **D'Madamm Schmitt hëlleft**
   **- beim Opstoen**
   **- beim Un- an Ausdoen**
   **- beim Zännwäschen**
   **- beim Acrèmen**
   **- beim Kämmen**
   **- beim Op-d'Toilette-goen**
7. Wat däerf eng Aide-soignante net maachen?
   **Si däerf de Patiente selwer keng Medikamenter ginn.**
8. Wat muss si mat de Leit maachen, déi net kënnen opstoen?
   **Si muss déi Leit all zwou Stonnen anescht leeën, fir datt si net wond ginn.**
9. Wat muss si mat de Leit maachen, déi operéiert ginn? Nennt dräi Saachen.
   **Si muss**
   **- déi Patiente raséieren**
   **- se wäschen**
   **- mat hinne schwätzen**
   **- se berouegen**
10. Firwat ass si frou, wann d'Patienten entlooss ginn?
   **Dat heescht, datt déi Patienten erëm gesond sinn, an dacks kritt si och e klenge Kaddo als Merci fir hir Aarbecht.**

4. *Liest d'Wierder an deene fënnef Käschten. Et handelt sech ëm heefeg Beruffskrankheeten. Lauschtert d'Texter an nummeréiert d'Käschten an der richteger Reiefolleg.* **68-72**

Erkrankunge vun den Otemweeër: Asthma, Entzündungen **3**

Schied um Gehéier: Tinnitus, schlecht Gehéier **4**

**2** Infektiounskrankheeten: Riedelen, Hepatitis, Tuberkulos, HIV

Erkrankunge vun de Muskelen an dem Skelett: Entzündungen am Knéi, am Handgelenk, am Ielebou, Réckwéi, Verspanungen am Genéck, Bandscheiwevirfall **5**

**1** Erkrankunge vun der Haut: Ekzema, allergesch Reaktiounen, Bass

5. *Wat fir Krankheete si besonnesch heefeg bei de verschiddene Beruffer? Kuckt d'Kolonnen 1 an 2 a maacht Feiler. Lauschtert d'Texter nach eng Kéier a kontrolléiert.* **73**

6. *Wat fir Preventiounsmoossname passe bei déi verschidde Krankheeten? Kuckt d'Kolonnen 2 an 3 a maacht Feiler. Schwätzt duerno zu zwee.*

| 1 | 2 | 3 |
|---|---|---|
| Bäcker | Erkrankunge vun den Otemweeër | Händschen undoen |
| Dokteren | Erkrankunge vun de Muskelen an dem Skelett | sech d'Hänn reegelméisseg desinfizéieren |
| Coifferen | Erkrankunge vun der Haut | e Schutz fir d'Oueren undoen |
| Bauaarbechter | Schied um Gehéier | op eng gutt Haltung oppassen |
| Lackéierer | Infektiounskrankheeten | am Stoe bei engem héijen Dësch schaffen |
| Fleegepersonal | | eng Otemschutzmask benotzen |
| Botzpersonal | | d'Positioun dacks wiesselen |
| Bürosemployéen | | Schutzkleeder undoen |
| Laboranten | | seng Muskulatur stäerken |
| Déierefleeger | | d'Entlüftung umaachen |
| | | Sprëtze sécher entsuergen |

# Expressiounen op Lëtzebuergesch Säit 58+59

*1. Completéiert d'Expressiounen a liest, wat se bedeiten.*



**Expressioun = Bedeitung**

1. Hal de  Bak ! = So näischt! Sief roueg!
2. Huel d'  (PL) Féiss an de Grapp! = Laf séier fort!
3. Spëtz d'  (PL) Oueren ! = Lauschter gutt no!
4. Ech hu kee Blat virun de  Mond geholl. = Ech hu meng Meenung riichteraus gesot.
5. Schreif der dat hannert d'  (PL) Oueren ! = Mierk der dat!
6. Du hues him de  Kapp verdréint. = Du hues gemaach, datt hien/hatt sech an dech verléift.
7. Ech hunn him déi kal  Schëller gewisen. = Ech hunn hien/hatt ignoréiert.
8. Hien/Hatt huet dat op déi liicht  Schëller geholl. = Hien/Hatt huet dat net ganz seriö geholl.
9. Ech hu mer de  Kapp zerbrach. = Ech hu vill nogeduecht.
10. Ech sinn iwwer béid  (PL) Oueren an hien/hatt verléift. = Ech sinn immens frou mat him.
11. Et läit mir op der  Zong . = Ech fannen d'Wuert grad net.
12. Hien/Hatt ass nach gréng hannert den  (PL) Oueren . = Hien/Hatt ass nach e bëssen naiv an onräif.
13. Du trëffs den Nol op de  Kapp . = Dat hues du ganz richteg erkannt/gesot.
14. Ech hunn him ënnert d'  (PL) Äerm gegraff. = Ech hunn him gehollef.
15. Ech hunn him op den  Zant gefillt. = Ech hu kontrolléiert, ob hien/hatt d'Wouerecht seet.
16. Ech hunn en décken  Hals kritt. = Ech si rose ginn.
17. Ech hu mer eppes aus de  (PL) Fangere gesuckelt. = Ech hat keng Äntwert parat an dofir hunn ech mir dréngend eppes missen ausdenken.
18. Hien/Hatt schléit sech eppes aus dem  Kapp . = Hien/Hatt gëtt e Wonsch oder eng Hoffnung op an denkt net méi drun.
19. Ech sinn nees op d'  (PL) Been komm. = Mir geet et erëm gutt.
20. Ech hunn him alles missen aus der  Nues zéien. = Ech hunn ëmmer erëm missen nofroen, fir eppes gewuer ze ginn.

## 2. *Liest den Dialog a completéiert d'Expressiounen. Lauschtert duerno a kontrolléiert.* *74*

- A wat ass da mat dir lass? Firwat kräischs du?
- *De Poli huet mir d'Häerz gebrach.*
- Ou, wat ass da geschitt? Ech hu gemengt, dir wäert iwwert béid ...Ouere... verléift.
- *Ech och, mee hie weist mir schonn zënter zwee Deeg déi kal ...Schëller... Ech zerbrieche mer de ...Kapp..., wat hien huet.*
- Vläicht huet eng aner Fra him de ...Kapp... verdréint. Hien huet dach vill vun där neier Aarbechtskolleegin do geschwat! Den Numm läit mer op der ...Zong..., mee ech fannen e grad net.
- *A jo, dat! Ech mengen, do trëffs du den Nol op de ...Kapp... Heiansdo soen ech mir, hien ass einfach nach gréng hannert den ...Oueren...*
- Vläicht muss du him mol op den ...Zant... fillen.
- *Jo, also ech huelen elo kee Blat méi virun de ...Mond... Muer schwätzen ech mat him. Mee ech muss him bestëmmt alles aus der ...Nues... zéien.*
- Richteg esou, du solls de ...Mond... net halen. Sou eng Geschicht soll een net op d'liicht ...Schëller... huelen.
- *Hie suckelt sech bestëmmt eng Erklärung aus de ...Fangeren... Ech kréien en décken ...Hals..., wann ech drun denken. Mee muer soen ech him meng Meenung. Da kann hie sech dat hannert d' ...Ouere... schreiwen.*
- Sou, elo spëtz du mol deng ...Oueren... a lauschter mir mol gutt no. De Poli ass net dee Richtege fir dech.
- *Jo, du hues Recht. Ech huele besser d' ...Féiss... an de Grapp.*
- Richteg! Schlo der deen aus dem ...Kapp... an da kënns du mol nees op d' ...Been...
- *Gutt, datt ech Frënn hunn, déi mir ënnert d' ...Äerm... gräifen a mir hëllefen.*
- Dofir si Frënn do.
- *An de Poli?*
- Vergiess de Poli!

# Noriichten a Fait-diversen Säit 60+61

*1. Liest d'Titelen aus den Zeitungen. A wat fir eng Rubrik passen d'Titelen? Schreift se dobäi.*

**EM-Qualifikatioun: Holland dominéiert Belarus, d'Belsch klappt Portugal**

**No Stuerm „Haydee": Op de Philippinne si méi wéi 1000 Leit ouni Daach iwwert dem Kapp**

**Tëschefall am Zuch: Eng Persoun gouf liicht blesséiert**

*Art Convent zu Singapur: Och Lëtzebuerg ass mat engem grousse Stand vertrueden*

**Hochzäit vun zwee Risen: Fusioun tëscht de Chemiekonzerner HBCO an ALCO geplangt**

**Nom EU-Sommet: Nach ëmmer keng Eenegung am Klimaofkommes mat den USA**

**Pressebriefing nom Regierungsrot: Lëtzebuerg kritt e weidere Walbezierk**

Politik:
national: **Pressebriefing nom Regierungsrot: Lëtzebuerg kritt e weidere Walbezierk**
international: **Nom EU-Sommet: Nach ëmmer keng Eenegung am Klimaofkommes mat den USA**

Ekonomie/Wirtschaft: **Hochzäit vun zwee Risen: Fusioun tëscht de Chemiekonzerner HBCO an ALCO geplangt**

Fait-diversen/Verschiddenes:
national: **Tëschefall am Zuch: Eng Persoun gouf liicht blesséiert**
international: **No Stuerm „Haydee": Op de Philippinne si méi wéi 1000 Leit ouni Daach iwwert dem Kapp**

Kultur: **Art Convent zu Singapur: Och Lëtzebuerg ass mat engem grousse Stand vertrueden**

Sport: **EM-Qualifikatioun: Holland dominéiert Wäissrussland, d'Belsch klappt Portugal**

*2. Lauschtert d'Noriichten. Notéiert, wéi vill verschidden Noriichten Dir pro Rubrik héiert.* 75

| Politik | Ekonomie | Fait-diversen | Kultur | Sport |
|---|---|---|---|---|
| 3 | 1 | 3 | 2 | 2 |

*3. Lauschtert déi dräi Fait-diversen nach eng Kéier. Notéiert d'Detailer a Stéchwierder.* 76-78

1.
Wat ass geschitt?
**en Iwwerfall**
Wou? **am Stater Park**
Wéini? **gëschter Owend**
Wat gouf geklaut?
**en Handy a Suen**

2.
Wat ass geschitt?
**en Accident**
Wou? **tëschent Stengefort a Mamer**
Wéini? **de Moien**
Wat waren d'Konsequenzen?
**riets Spuer blockéiert, Stau**

3.
Wat ass geschitt?
**e Feier / e Brand**
Wou? **zu London**
Wéini? **nuets**
Wéi vill Leit si betraff?
**iwwer 30 Persounen**

## 4. *Liest d'Sätz an deenen zwou Kolonnen a vergläicht se. Ënnersträicht d'Verben. Wat ass den Ënnerscheed?*

| | |
|---|---|
| D'Marie Minelli an d'Joan Curtis spillen e Samschdeg d'Finall vum ATP-Turnéier. | D'Finall vum ATP-Turnéier gëtt e Samschdeg vum Marie Minelli a vum Joan Curtis gespillt. |
| Am Stater Park hunn dräi Jugendlecher en eeleren Här iwwerfall. | Am Stater Park ass en eeleren Här vun dräi Jugendlechen iwwerfall ginn. |
| Si hunn him säi Portefeuille geklaut. | Hie krut säi Portefeuille geklaut. |
| D'Kënschtler weisen hir Wierker op der internationaler Ausstellung. | D'Wierker ginn op der internationaler Ausstellung gewisen. |
| De Lëtzebuerger Club huet de Match gewonnen. | De Match ass vum Lëtzebuerger Club gewonne ginn. |

## 6. *Kuckt d'Titelen aus den Zeitungen a formuléiert ganz Sätz am Passiv.*

Beispiller:

Present/Futur: Renovatioun vun der fréierer Nationalbibliothéik:
*Déi fréier Nationalbibliothéik gëtt renovéiert.*

Passé: Diplomiwwerreechung op der Uni:
*Op der Uni sinn d'Diplomer iwwerreecht ginn.*

Present:

1. **Déi nei Kannerklinick gëtt ageweit.**
2. **D'Steiere ginn erhéicht.**
3. **D'Auer gëtt op Summerzäit ëmgestallt.**
4. **An der Allée Scheffer ginn nei Beem geplanzt.**

---

Passé:

5. **An der Groussgaass ass eng Bijouterie iwwerfall ginn. / An der Groussgaass gouf eng Bijouterie iwwerfall.**
6. **D'Kandidate fir d'Wale si presentéiert ginn. / D'Kandidate fir d'Wale goufe presentéiert.**
7. **E Popstar ass entféiert ginn. / E Popstar gouf entféiert.**
8. **Zu Mamer si réimesch Iwwerreschter entdeckt ginn. / Zu Mamer goufe réimesch Iwwerreschter entdeckt.**

# Land a Leit Säit 62+63

## Den 112 – eng Nummer, déi hëlleft.

*1. Am Interview stellt de Journalist véier Froen. Liest hei d'Kuerzform vun dëse Froen an d'Froen am Interview. Nummeréiert d'Froen an där Reiefolleg, wéi se am Interview virkommen.*

- [3] Wéi vill Leit ruffen um 112 un?
- [2] Wat sinn d'Haaptaufgabe vum CGDIS (**C**orps **g**rand-**d**ucal d'**i**ncendie et de **s**ecours)?
- [4] Firwat ginn et esou vill Éischt-Hëllef-Coursen?
- [1] Wat huet sech mat der Reform vun de Rettungsdéngschter geännert?

*2. Liest a lauschtert elo de ganzen Interview a markéiert déi zentral Informatiounen an den Äntwerten.* 79

**Den Här Jos Klein schafft an der Zentral vum Noutruff 112. An eisem Interview schwätzt hien iwwert de CGDIS an d'Reform vun de Rettungsdéngschter.**

*Här Klein, am Joer 2018 ass jo dee ganze System vun de Rettungsdéngschter hei zu Lëtzebuerg reforméiert ginn. Kënnt Dir eis déi grouss Zich vun dëser Reform e bëssen erklären an eis soen, wéi Dir eis dës Changementer fannt?*



Jo, natierlech. Dat war eng ganz grouss Reform, mee ech probéieren, mech kuerz ze faassen. Also, engersäits sinn 2018 all d'Rettungsdéngschter vu Lëtzebuerg ënnert dem CGDIS zesummegeschloss ginn, dat heescht d'Protection civile, d'fräiwëlleg Pompjeeën, d'Stater Beruffspompjeeën, d'Flughafepompjeeën an de SAMU (Service d'aide médicale urgente). Anerersäits gëtt et vun Enn 2020 u mam CNIS (Centre national d'incendie et de secours) zu Gaasperech endlech ee grousse Site, wou déi wichteg Elementer vum Rettungswiese regruppéiert sinn. Do sinn elo z. B. d'Beruffspompjeeën, d'Zentral vum 112 an och d'Administratioun an d'Formatiounszentren. Fréier waren all déi Strukturen op verschiddene Plazen am Land. Dat war schwiereg fir d'Kommunikatioun ënnerteneen. Elo, wou alles ënnert engem Daach ass, ass dat méi einfach. An den administrativen Opwand ass och net méi esou héich wéi virdrun.

*Kënnt Dir wgl. e bëssen drop agoen, wat déi wichtegst Missiounen a Responsabilitéite vum CGDIS sinn?*

Et ass schwéier ze soen, wat déi wichtegst Missioune sinn, well et ëmmer drëm geet, fir Liewen ze retten. An deem Sënn si se natierlech all wichteg. Ech géing soen, d'Haaptmissioun vum CGDIS ass, Mënschen an engem Noutfall zu Lëtzebuerg ze hëllefen: e Feier läschen, bei engem Accident hëllefen, Leit medezinesch versuergen an an d'Spidol bréngen an esou weider. Mir hëllefen awer net nëmmen zu Lëtzebuerg, ma mir hëllefen zum Beispill och bei Katastrophen am Ausland. Preventioun a Formatioun

sinn och wichteg. Et ass ëmmer besser, wann et guer net zu engem schroen Noutfall kënnt. Dofir mussen d'Leit wëssen, wéi si sech schützen oder op d'mannst dat Schlëmmst verhënnere kënnen.

*Am Fall, wou dann awer emol e seriöen Noutfall antrëtt, kennt jiddereen d'Telefonsnummer vum Noutruff, den 112. Dat kréien d'Kanner scho vu Klengem un an der Schoul gesot an a ganz Europa gëllt déi selwecht Telefonsnummer. Gëtt se och vill benotzt?*

O jo! An der Moyenne kréie mir 1461 Telefone pro Dag eran. Eng Ekipp vun op d'mannst véier Leit hëlt permanent d'Noutriff entgéint. All Uruff gëtt enregistréiert, an da gëtt den Alarm ausgeléist, wann et muss sinn, an déi richteg Rettungsdéngschter ginn erausgeschéckt. Pro Dag ginn esou knapp 200 Interventioune gemaach. Et handelt sech jo net ëmmer ëm Noutfäll, wann d'Leit op den 112 uruffen. Et ginn der och, déi just wësse wëllen, wat fir Dokteren, Apdikten oder Spideeler Déngscht hunn oder wéi ee sech fir en Éischt-Hëllef-Cours aschreiwe kann. Dofir ass den Noutruff 112 awer net geduecht.

*De CGDIS organiséiert gratis Éischt-Hëllef-Coursen op Lëtzebuergesch, Däitsch, Franséisch an Englesch iwwert d'ganzt Joer an am ganze Land. Firwat gëtt esou vill Wäert op déi Coursë geluecht?*

All Dag geschéie schlëmm Accidenter. An esou enger Situatioun ass et wichteg, fir séier a richteg ze handelen. Jidderee soll dat kënnen! Dofir bidde mir vill Coursen op verschiddene Plazen un, zu verschiddenen Zäiten an a verschiddene Sproochen. An dëse Coursë léiert een, wéi ee sech bei engem Accident richteg verhält a wéi een e Verletzte richteg versuergt, bis e Rettungsdéngscht do ass. D'Coursen dauere 16 Stonnen an zum Schluss ass en Test. Wann een dee packt, da kritt een en Diplom, dee fënnef Joer gülteg ass.

